



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Aiff Christian, 17:30, 26/05/2020

Luxembourg, le 26 mai 2020


Réf. : 831xe9117

Concerne: Question parlementaire n° 2082 du 23 avril 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Économie et de la soussignée à la question parlementaire n° 2082 du 23 avril 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant les « Masques de protection ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée



Paulette LENERT
Ministre de la Santé





Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de l'Économie à la question parlementaire n° 2082 du 23 avril 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant les « Masques de protection ».

D'Regierung ass effektiv informéiert iwwert Masken aus China déi vu manner gudder Qualitéit sinn, an déi vun verschiddenen europäesche Länner kaf goufen. Lëtzebuerg huet och Masken a China kaf, mee ëmmer strikt drop opgepasst fir nëmmen esou Produkter ze kafen déi och mat enger chinesescher Norm versinn woren, déi vun den europäeschen Instanzen als equivalent mat dem CE Marquage ugesi goufen.

Als Kontaktpunkt (Safety Gate national contact point) vum RAPEX (rapid alert system for dangerous non-food products - "Safety Gate"), kritt den ILNAS vun der Europäescher Kommissioun d' Produkter déi en héije Risiko duerstellen kontinuéierlech gemellt. Den ILNAS deelt dës Informatiounen mat den aneren nationale Verwaltungen déi och Kompetenzen an der Maartiwwerwaachung hunn.

Dës Informatiounen verschéckt den ILNAS och gezielt un eng ganz Rei vun Geschäfte am Land, sou dat se direkt iwwerpräiwe kënnen op eventuell e Produkt vun der RAPEX-Lëscht vun hinne verkaf gëtt. Sou kënnen se schnell reagieren an d' Produkt aus dem Rayon huelen, a wa néideg ginn d' Clienten dann och informéiert.

Wat d' Sécherheetsmasken ubetrëfft suivéiert den ILNAS déi Masken déi an d' Kategorie "équipements de protection individuelle" falen, déi Masken déi ënner "dispositifs médicaux" falen ginn vun der Direktioun vun der Santé suivéiert.

Den 24. Abrëll 2020 gouf den ILNAS vun der Europäescher Kommissioun iwwert 4 Sorten Sécherheetsmasken informéiert déi e seriöse Risiko duerstellen. Dës Masken goufen iwwert d' Belsch importéiert an och vun de belschen Autoritéiten gemellt. Den ILNAS huet d' Importateuren vun dese Sécherheetsmasken an der Belsch kontaktéiert fir gewuer ze ginn op dës Masken och op den Lëtzebuerg geliwwert si ginn. Bei 2 vun de 4 Dossieren krut den ILNAS schonn e Retour vun den Importateuren déi confirméiert hunn dass dës Sécherheetsmasken net weider op Lëtzebuerg verkaaft goufen. Déi 2 verbleiwend Dossieren si nach am gaangen bearbecht ze ginn.

Zwëschen dem 1. an dem 25. Mee gouf den ILNAS vun der Europäescher Kommissioun iwwer 16 weider Sorten Sécherheetsmasken informéiert déi e seriöse Risiko duerstellen. An dësen 16 Fäll huet den ILNAS och direkt den Importateur kontaktéiert fir ze wëssen op Lëtzebuerg concernéiert wier, fir dann déi néideg Mesuren ze huelen. Dës Dossieren sinn och am gaangen bearbecht ze ginn.

All Masken déi zu Lëtzebuerg an de Verkaf kommen ginn och stëchprouwenarteg vum ILNAS kontrolléiert. Den ILNAS huet och selwer Sécherheetsmasken detektéiert déi en héije Sécherheetsrisiko duerstellen. Dës Masken goufen beim Import detektéiert an och blockéiert. Den ILNAS huet d'Destruktioun vun den Masken ordonnéiert, wéi den Importer et souwisou geplangt hat. Dës Masken goufen den 12. Mee un d'Europäesch Kommissioun an un déi aner EU Member Staaten gemellt iwwert RAPEX. D'Cellule logistique gouf och vum ILNAS informéiert.

Nieft den normale Routineskontrollen beim Import vu Sécherheetsmasken, huet den ILNAS dann och zesummen mat der Douane genau iwwerpräift op och keng Sécherheetsmasken vun der RAPEX-Lëscht iwwer Lëtzebuerg importéiert gi wieren. Et konnten bis ewell keng vun deene Sécherheetsmasken beim Import fonnt ginn.



Den ILNAS schafft an der Maartiwierwaachung enk mat der Douane, dem Gesondheitsministère, der Direktioun vun der Santé an dem Krisestaff zesumme. Am Kader vun dëser Zesummenaarbecht goufen och Equivalenzen vun Normen opgestallt, déi sech op importéiert Masken, déi keen CE Marquage hunn, uwennen. Des Equivalenzen sinn um site vun der Douane publizéiert: https://douanes.public.lu/fr/actualites/2020/Importation_masques.html

D'Droe vu Masken wann den Ofstand vun 2 Meter net kann agehale ginn ass sécher sënnvoll, net fir sech selwer ze schützen, mee haaptsächlech fir déi aner Leit viru sengen Drëpsercher ze schützen déi beim Schwätzen, Houschten oder Néizen produzéiert ginn an déi de Virus weider iwwerdroe kéinten.

D'Regierung huet Recommandatiounen eraus ginn iwwert d'Droe vu Masken am generellen, an och fir spezifesch Gesondheitsberuffer. Dës Informatiounen sinn disponibel op www.covid19.lu. Wat déi reell Gesondheitsrisiken vun dem Droen vun Masken ugeet, gëtt et an der publizierter medizinescher Literatur ganz wéineg fiabel Informatiounen. Et ass kloer dass d'Masken vu Leit mat chronescher Longeninsuffizienz net verdroe ginn. Dës wäeren och theoretesch déi Leit déi e reelle Risk hätten fir een ze héijen Taux vun CO2 ze kréien wann si da géifen eng Mask droen. Bei gesonde Leit sinn d'Symptomer hei awer éischer seelen, besonnesch wann ee bedenkt dass d'Mask jo normalerweis net konstant gedroe gëtt, mee nëmmen wann den Ofstand vun 2 Meter net agehale ka ginn.